



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Här President,

Am Kader vun der Froestonn vum 6ten Dezember wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit eng mëndlech Fro stellen.

Laut Essentiel wäerten 19 Buslinnen ab den 12.02.2023 net méi befuer ginn. Et handelt sech heibäi ëm d'sougenannten U-Linnen, Linnen déi d'Aarbechter bei hir Aarbechtsplaz an d'Industriezone bréngen. Laut Ministère wieren dës Linnen net am Intérêt collectif. Den OGBL seet awer, dass verschidde Linne vu méi wéi 200 Persoune genotzt ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Gesäit de Minister hei keng Méiglechkeet fir dës Linnen awer z'erhalen?

Wäert de Minister kucken, fir mat de betraffene Firme Mobilitéitspläng fir hir Mataarbechter auszeschaffen?

Wou wäerten dës Busser nom 12ten Februar fueren? Wéi eng Linne sollen hei verstärkt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

